LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 AOUT 2019

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Luxembourg, le 28 août 2019

Concerne : Question parlementaire n°956 du 24 juillet 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre ma réponse à la question parlementaire n°956 du 24 juillet 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Marc Hansen
Ministre délégué à la Digitalisation
Ministre de la Fonction publique

52, avenue de la Gare
L-1610 Luxembourg
Tél. (352) 247 72100
info@digital.etat.lu
www.digitalisation.lu
www.luxembourg.lu

Äntwert vum Här Marc HANSEN, Delegéierte Minister fir Digitaliséierung a Minister fir den Ëffentlechen Déngscht, op déi parlamentaresch Ufro Nr. 956 vum Här Deputéierten Marc GOERGEN.

Beim ëffentleche Secteur ginn et méi Entitéiten déi informatesch Servicer ubidden. Dës Entitéiten hunn en eegene Budget fir Informatik a géréieren e groussen Deel vun hirer Informatik selwer. De CTIE - Centre des technologies de l'information de l'Etat - steet ënnert der Tutelle vum Minister fir Digitaliséierung an équipéiert e groussen Deel vun de staatlechen Institutiounen.

Op engem Park vun ongefeier 12.000 Maschinnen déi vum CTIE geliwwert goufen, sinn de Moment scho knapp 3/4 vun den Maschinnen mat Windows 10 aktiv.

D'Ersetzen vu Windows 7 op de restlechen Computeren erfollegt am normalen Liewenszyklus vun den Maschinnen an am Kader vun den aktuellen Lizenz Kontrakten vum CTIE. Doduerch wäerten keng nennenswäert extra Käschten duerch d'Ersetzen vu Windows 7 entstoen.

Bis Enn 2019 wäert d'Zuel vun de verbleiwenden Windows 7 Maschinnen sech halbéieren. Aus logisteschen oder Software-Kompatibilitéits-Grënn mussen déi restlech Maschinnen nach no Januar 2020 am Asaz bleiwen. Obwuel den automatesche Support fir Betriebssystemer Windows 7 dann agestallt gëtt, bitt Microsoft d'Optioun "extended security update" un. Fir d'Sécherheet vun dëse Maschinnen ze garantéieren wäert de CTIE also dës Optioun huelen déi 25 EUR pro Maschinn kascht.

De CTIE huet e Kontrakt mat Microsoft dee souwuel Technologien, Windows an Office wéi och User Lizenzen fir all d'Microsoft Server Produkter abegräift. Déi nächst Échéance vum aktuellen Kontrakt ass am September 2020.